

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 5. August 2022

Här President,
esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här
Tourismusminister weiderzeleeden.

Zu Lëtzebuerg sinn d'Auto-Pédestre-Wanderweeër ganz beléift. Et schéngt awer, ewéi wann
- wat d'Visibilitéit an d'Koherenz vun der Beschëlderung ugeet - nach eng Rei Problemer
bestinn.

Verschiede Feiler weisen carrement an déi falsch Richtung, an och wat d'Unzuel, d'Visibilitéit
an d'Gréisst vun de Schëlde ugeet, besteet nach Verbesserungspotential. Et bestinn och eng
Rei Problemer, wat d'Sécherheet ugeet. Dacks muss ee länger Strecken iwwert vill befueren
National-Stroosse passéieren, ier een nees op de Wanderwee kënnt.

An deem Kontext hätt ech folgend Fro un den Här Minister:

- Ass den Här Minister sech deenen uewe beschriwwene Problemer bewusst? Wa jo,
wéi a wéini gedenkt den Här Minister ze reagieren, fir dës Mësstänn ze behiewen?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten